N°2790
Entrée le 18.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.08.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. August 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Häre Kultur- an Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Op der Homepage vun der ADEM liest ee betreffend d'Sproochentester, déi si de Leit, déi eng Aarbecht sichen, ubitt:

« Tous les demandeurs d'emploi s'inscrivant à l'ADEM doivent, depuis le 4 juillet [2023], passer des tests en ligne, dans les langues qu'ils ont déclaré pratiquer lors de leur inscription. Les quatre principales langues du marché de l'emploi sont concernées : luxembourgeois, français, allemand et anglais. (...) L'offre sera étendue au fur et à mesure à l'ensemble des demandeurs d'emploi inscrits. Son principal objectif est de favoriser une évaluation objective et uniformisée du niveau de langues des demandeurs d'emploi - alors que celui-ci repose actuellement sur les déclarations faites lors de l'inscription. (...) Ce nouveau service offre de nombreux avantages, pour l'ADEM et pour les demandeurs eux-mêmes. Son atout incontestable est de fournir une évaluation de niveau fiable et conforme au CECRL (Cadre européen de référence pour les langues), avec des compétences allant du niveau A1 (élémentaire) à C2 (expérimenté). Il convient de noter que les demandeurs d'emploi qui fournissent à l'ADEM un certificat officiel de niveau CECRL, daté de moins de deux ans, pourront être dispensés de passer le test dans la langue concernée. »*

D'Tester ginn ausschliisslech online ugebueden an duerchgefouert. Eis goufen an deem Zesummenhang Echantillone vun dësen Tester zoukomme gelooss, déi opgrond vun de sëlleche gravéierende Sprooch- a Sënnfeeler, déi si enthalen, Froe betreffend d'Qualitéit a Seriositéit vun den Tester opwerfen. Sou kritt ee beispillsweis follgend Froe gestallt:

- *« Le journaliste est libre, [Sélectionnez la réponse ci-dessous] al de Schauspiller démolit la guerre. »* Proposéiert Äntwerten : *« firwat » / « wéi » / « wéi vill » / « ob »*
- *« Que pensez-vous de la ville et de Neie Buttek ? Si vous êtes originaire du präiswäert Saachen do. Et le cul est wierklech [Sélectionnez la réponse ci-dessous], pour cuisiner, c'est parti. »* Proposéiert Äntwerten : *« onnëtz » / « onbedéngt » / « deier » / « derrière »*
- *« Et je vais vous donner des idées haut placées sur Internet. Mee vill Leit, déi bis eloëmmer* [sic] *bei Hirem Reesagent gebucht hunn, bleiwen deem och weiderhin trei an änneren hir [Sélectionnez la réponse ci-dessous] pour le filet de pêche. »* Proposéiert Äntwerten : *« Destination » / « Gwunnecht »* [sic] */ « Catégorie de prix » / « Vacances »*

An deem Kontext hu mir follgend Froen un d'Regierung:

1) Ween ass fir d'Erstellung, Iwwerpréiwung a Mise en ligne vun de Sproochentester vun der ADEM verantwortlech?
2) Wéi eng Qualifikatiounen hunn d'Persounen, déi dës Tester erstellen oder redigéieren?
3) Gëtt et e Qualitéitssécherungssystem, fir Feeler an der Grammaire, Syntax, Orthografie oder am Inhalt ze vermeiden?
4) Wéini goufen d'Tester fir d'Lescht iwwerschafft an op Korrektheet gepréift?
5) Gouf externt Fachpersonal (z. B. Linguisten, Lëtzebuergesch-Enseignanten) zwecks Iwwerpréiwung vun den Tester erugezunn? Wann nee, firwat gouf dat versäumt?
6) Gouf et scho Reklamatioune betreffend feelerhaft oder mëssverständlech Testfroen? Wa jo, wéi ass d'ADEM domat ëmgaang?
7) Kënnen Testresultater contestéiert ginn, wann nogewise gëtt, dass Testinhalter feelerhaft waren?
8) Wéi gëtt séchergestallt, dass d'Testbewäertung objektiv an novollzéibar ass, wa schonns d'Testfroe feelerhaft sinn?
9) Ass en Iwwerschaffen oder e kompletten Austausch vun den Testmaterialie geplangt? Wa jo, bis wéini?
10) Wéi gëtt an Zukunft séchergestallt, dass d'Sproochentester dem héijen Usproch u sproochlech Korrektheet gerecht ginn?
11) Wéi eng Bedeitung moosst d'Regierung dem Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch bäi – a wéi passt dozou d'Qualitéit vun dësen Tester?

Mat beschte Gréiss

Jeff Engelen
Deputéierten

Alexandra Schoos
Deputéiert